ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister fir den Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Aarbecht vun der Douane ass dacks mat ville Gefore verbonnen. An deem Kontext sinn d'Beamten net fir näischt änlech ausgerëscht, ewéi d'Police: Waffen an Handschelle gehéieren zu der Standard-Ausrëschtung an och kierperlech Aggressioune géint d'Beamte sti leider un der Dagesuerdnung. An deem Sënn ass et *a priori* verwonnerlech, datt d'Beamte vun der Douane eng Prime de risque vu just 10 Punkten hunn – also genee déi selwecht Unzuel u Punkten, ewéi d'Beamte vum Contrôle de stationnement (Pecherten). Am Verglach dozou hunn d'Police, d'Arméi an d'IGP am Groupe de traitement C eng Prime de risque vu 35 Punkten.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un den Här Minister:

- Ass et an den Ae vun der Regierung justifiéiert, datt d'Beamte vun der Douane eng *Prime de risque* vu just 10 Punkte kréien, obwuel hir Aarbecht mat ville Gefore verbonnen ass? Wéi argumentéiert d'Regierung an dëser Fro? Misst dës Primm net no uewen ugepasst ginn a, wa jo, a wéi engem zäitleche Kader?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742